



Organisation non gouvernementale (ONG) agréée par le Ministère de la Coopération et de l'Action humanitaire
Photo: Collecte de l'eau (20L par bidon) à Tshumbe en RDC

Action pour un Monde Uni



Léif Frënn vun der AMU,

Scho bal 8 Joer sinn ech elo bei der AMU, an dat schéinst un dëser Aarbecht, fir mech, ass de Kontakt mat deene ville verschiddene Leit deen ee kritt. Dat souwuel an eise Projekte selwer, wéi och hei zu Lëtzebuerg.

Esou fannt dir an dësem Bulletin zum Beispill den Temoignage vum Jordan. Hien huet sech entscheet fir e ganz Joer als Volontaire an Tansania ze reesen. De Jordan ass fir eis e wichtige Kontakt sur Place, deen eis vill Froe beäntwere kann a mathëlleft déi nei Projekte fir 2027 ze preparéieren. De Jordan ass immens motivéiert a begeeschtert vun der Aarbecht vun eise Partner. Mir si gespaant wéini an ob hien nach eemol zeréck kënnt. Merci fir dän Asaz!

No Startschwierigkeeten an eisem Projet a Bolivien, leeft de Projet elo endlech gutt. Dëst verdanke mir ënner anerem vill dem Marco Salias aus

Cochabamba. De Marco geréiert eis Projekte mat enger anerer ONG a Bolivien an huet eis an eisem Partner zu Cochabamba gehollef dëse Projet op déi richteg Pist ze bréngen. Merci Marco! Da wëlle mir iech an dësem Kontext och d'Patricia virstellen, wat ursprüngelech vu Cochabamba ass, awer säit Joren zu Lëtzebuerg wunnt. Duerch Zoufall ass hatt op eis gestouss an huet sech entscheet als Benevole auszehëllefen. Eng super Ënnerstëtzung, ganz besonnesch och fir dëse Projet, deen a senger Heemechtsstad ass. Wëllkomm bei der AMU Patricia an elo schonn MERCI fir dän Asaz.

Den Tom bericht iech da vun enger Visitt am Uganda am Juli 2025. Och hei kouw et zu engem flotte Kontakt dee rëm ganz nei Dieren opgemaach huet. De Mike an d'Lorraine vun Tukwataniise asbl vu Syren hu mir bei engem Virtrag an der Gemeng Weiler kenne geléiert. D'Gespréich war séier fonnt an doraus si vill flott Iddie fir eng potentiell Zesummenaarbecht entstan. Op enger gemeinsamer Visitt am Uganda am Juli hu mir dës Iddie weider ausgebaut, hir Leit sur Place kenne geléiert a gesi wat si alles scho konnten ëmsetzen. Mir freeën eis op alles wat hoffentlech an Zukunft zesumme kann entstoen.

Da fannt dir nach en Update zu eisem Projet zu Tshumbe am Kongo an dësem Bulletin. D'Manuela, eng jonk Éisträicherin déi ech a mengem Studium kenne geléiert hunn, huet hei eng lokal ONG opgebaut. Zesumme mat „Zukunft für Tshumbe“ baue mir säit 2022 eng Klinik an dëser wierklech ganz ofgeleeëner Regioun, e mega Challenge, dee just méiglech ass wëll déi richteg Leit hannert dem Projet stinn.

Ech wënschen iech vill Spaass beim Liese vum Bulletin. Mir hoffen iech esou e bëssen mat op dës Reese kënnen ze huelen an iech e Gefill fir déi Mënschen ze ginn déi all dat erméiglechen: eis Partner sur Place, hir Benevole, hir Mataarbechter a Matmënschen, sou wéi déi vill Donateuren a Benevole hei zu Lëtzebuerg. Merci iech all.

Jil Streber



Den Tom an de Mike ënnerwee a Südwest-Uganda

Meng Zäit zu Nyakaiga, Tansania



D'Kanner zu Chabalisa



D'Klinik zu Nyakaiga



Den 1. Mee 2025 sinn ech no enger 48 Stonne Rees zu Nyakaiga ukomm. En Duerf an de Bierger am Nordweste vun Tansania, wou voll mat Bananenbeem, Herden vu Kéi a Geessen, a Motorrieder ass. Mäi neit Doheem fir déi nächst 12 Méint: en Haus mat Stuff, Schlofkummer a Buedzëmmer, wou vis à vis vum Spidol läit. Main éischten Androck vun Nyakaiga war iwwerwältgend an ech konnt et kaum erwaarden déi Géigend hei ze entdecken. Am Ufank waren d'Leit am Duerf ganz verwonnert mech hei ze gesinn, an ech gouf eng laang Zeit mat groussen Ae gekuckt. Mee mëttlerweil kennt jiddereen de Mzungu (Bezeechnung fir wäiss Persoun) am Duerf, an si erziele mir gären hir Liewensgeschichte oder luede mech op hir Hochzäit an. Déi zweet Woch war och schonn direkt eng Feier vum éischte Mee a vum Dag vun den Infirmièrë wou zesumme gefeiert gouf, a wou ech d'Geleeënheet hat méi Membere vum Personal vum Spidol kennenzéleieren.

St. Raphael Spidol zu Nyakaiga spillt eng ganz wichteg Roll hei an der Géigend, a versuergt net nëmmen d'Leit vun hei mee och vu villen Dierfer ronderëm. Net all Ënnersichung an Operatioun ass hei méiglech an d'Leit ginn an deem Fall an en anert Spidol geschéckt, mee alles wat Standard Operatioune sinn oder mat Schwangerschaft ze dinn huet ass hei méiglech. Och reegelméisseg Visitten an den Dierfer ronderëm gi gemaach fir déi Mammen a Kanner ze ënnersichen déi méi wäit vum Spidol fort wunnen. Zesumme mam Elivia, d'Health Secretary vum Spidol, hu mir 4 Problemzone vum Spidol festgestallt an hunn du Projete geschriwwen fir onofhängeg vun der AMU aner Sponsoren an Donateuren ze fannen, fir d'Spidol a Beräicher wéi Hygiène a Patientebetreiung ze verbessern. Wat mir opgefall ass, ass dass d'Hierarchie am Spidol eng grouss Roll spillt. D'Projeten hunn als éischt misse vum Medical Officer in Charge accordéiert ginn an dono nach vum Bëschof, deen d'Projete mat engem offizielle Stempel accordéiert huet. An well d'Spidol ënnert der

Diozees vu Kayanga steet, müssen déi reliéis Wäerter och agehalen ginn, wat dem medizinesche Beräich Barrière setze kann.

Mwoleka Msetu ass eng Primärschoul zu Chabalisa, ongeféier eng 15 Minutte vun Nyakaiga mam Moto. Mwoleka ass de Numm vun engem fréiere Bëschof Christopher Mwoleka, a Msetu heescht op Swahili sou vill wéi 'eis Virfare'. D'Ursprongsiddi vun der Schoul war eng Plaz fir Kanner mat Behënnerung ze kreéieren, well dës Kanner oft op engem Bierg an der Géigend ausgesat a stierwe gelooss goufen, well d'Eltere keng Zukunft fir d'Kand gesinn hunn an net déi finanziell Méiglechkeet hate fir d'Kand ze suergen. Mëttlerweil ass et e gemëschten Internat fir iwwer 200 Kanner mat an ouni Behënnerung. Hei ginn ech Engleschcoursë vum 1. bis 5. Schouljoer fir Klasse mat 40 bis 50 Kanner. Main éischten Dag sinn ech mat engem Härlehrer an eng Klass gaangen, heen huet mir e Buch an de Grapp gedréckt an huet gesot: Lo kanns du ufänken a mir gesinn eis herno. Ech hunn e bësse gebraucht bis ech e System hat fir souvill Kanner ze ënnerriichten, mee mëttlerweil geet et. Mat enger Mëschung aus Spiller, dem offiziellem Curriculum an aner Sujete wéi Mathé oder Geographie op Englesch kréien ech d Kanner ënnerhalen. Mee virun allem d'Begeescherung vun de Kanner nei Saache wéi Hangman oder Rechekinne ze spillen oder hir Freed wann si eppes neits wéi Sonnecrème probéieren, beweegt mech. Déi daf Kanner hu mir och schonn d'Alphabet op Zeechesprooch bäibruecht.

2 mol an der Woch ginn ech owes de Schwëstere vum Konvent 'Unlimited Love Sisters' Engleschcoursen. Si sinn e Grupp vu 5 bis 10, mat deenen ech haaptsächlech Sazbau a Schwätzen üben. Mir probéiere Konversationsen aus hirem Alldag an ech erkläre wärenddeems e bësse Grammatik. Fir de Cours méi verständlech ze maachen iwwersetzen ech alles op Swahili, dass si d'Beispiller

och besser verstinn. Mat hinne verstinn ech mech ganz gutt an et gëtt ëmmer eppes ze laachen.

Freides wiesselen ech mech deem-entspreechend of, wou ech nach eppes fäerdeg ze maachen hunn. Ausserdeem hunn ech d'Méiglechkeet freides, bei enger anerer Organisatioun 'Chema', iwwer Imkere ze léieren. Hei hat ech bis elo d'Chance ze gesi wéi si hiren Hunneg produzéieren a wéi ee semi-traditionell Beiestäck baut.

Well Nyakaiga op sou enger schéiner Plaz läit, verbréngen ech meng Fräizäit gären domat spadséieren ze goen an nei Dierfer ze entdecken. Owes kann een hei och e schéine Sonnenënnergang erliewen deen iwwert dem Lake Mujunju ënnergeet. Bukoba, beim Lake Victoria, ass och nëmmen 3 Stonne fort, a bitt eng kleng Ofwiesslung vum Duerfliewen un. Méindes spillen ech mat Leit aus dem Spidol a vum Duerf Fussball an Weekends ginn ech heiansdo mat hinnen am Duerf oder zu Kayanga, e méi grousst Duerf, bis an de Café. Wat ech och ganz interessant fannen, ass déi aner Projete vun der AMU besichen ze goen. Dat erméiglecht mir méi Plazen ze gesinn, a verschidde Facettë vun den Tansanier kennenzéleieren. Mee och Nopeschlänner wéi Uganda ze gesinn an déi verschidde Kulturen déi et hei an Ost-Afrika ginn, aus enger méi intimer Sicht wouer ze huelen.

Ech sinn elo scho bal 6 Méint hei an ech entdecken nach ëmmer all Woch eppes neits. D'Liewen an Tansania ass e grousst Abenteuer voller Begeescherung, Upassung a Léieren. Ech si fir ëmmer dankbar dass d'AMU mir dee Benevolat erméiglecht huet, an ech freeë mech op déi nächst 6 Méint.

Léif Gréiss aus Nyakaiga,

Jordan Ted Mannion

Casa de los Niños - Cochabamba in Bolivien

In Cochabamba, im Zentrum Boliviens, setzt die Gemeinschaft von „Casa de los Niños“ ein innovatives Projekt, welches Ernährungssicherheit und Umweltschutz miteinander verbindet, um. In Zusammenarbeit mit CPT aus Brasilien und Claritas aus Argentinien, zwei weiteren Partner NGOs von AMU, sollen die Lebensbedingungen der Gemeinschaft in Bolivien nachhaltig verbessert werden.

Das Hauptziel des Projekts ist klar: Ernährungssicherheit der Kantine der Schule zu gewährleisten und gleichzeitig im Einklang mit der Umwelt zu handeln. Durch das Anlegen ökologischer Gärten und ein partizipatives Projektmanagement soll Gemüse angebaut werden, welches der Schule und der Gemeinschaft zugutekommt.



Die Schule der Casa de los Niños

In July 2025, Claude Steichen and myself travelled to Western Uganda to visit a project initiated by our friends Mike and Lorraine Stone from the NGO Tukwataniise Charity. The goal of our trip was to assess whether their project in Uganda could fit into AMU's next framework agreement with the Ministry of Cooperation and to prepare a possible future cooperation between AMU and Tukwataniise.



The breathtaking views around Bwindi.

The project is located at the southwestern tip of Uganda, just north of Bwindi Forest National Park. You might have heard of it as being the home of the endangered mountain gorilla. To get there is quite tricky and we opted to fly to Kigali, Ruanda first to join Mike and Lorraine and from there to travel together by road to



Projektbesuch im Frühjahr 2024

Die gemeinschaftlich bewirtschafteten agroökologischen Gärten, mit einer Fläche von über 3.000 m², sollen eine Vielzahl an Obst und Gemüse für die Familien und die Schulkantine liefern. Durch die lokale Produktion wird die Abhängigkeit von externen Märkten reduziert, gleichzeitig ist es das Ziel eine gesunde, frische und ausgewogene Ernährung zu gewährleisten.

Um die Bewässerung der Gärten ganzjährig sicherzustellen, wird ein Regenwassersammel- und speichersystem installiert. In Cochabamba regnet es hauptsächlich in den 3-4 ersten Monaten des Jahres, somit ist diese Sicherstellung von Wasser zwecks Bewässerung über ein ganzes Jahr nicht so einfach zu erreichen. Neue Zisternen und verstärkte Dächer sollen dafür sorgen, dass

A trip to southwestern Uganda

Bwindi. The trip takes about 8 hours, the roads through the mountains might mess up your stomach but, in the end, the breathtaking views are well worth the effort.

Our future project partner, Richard, welcomed us at his home. Over the next few days, he introduced us to his community, where a mere 25.000 people are spread across a rather wide area. This part of Uganda is of outstanding beauty with its green hills, and agriculture is the main economic activity.

The definitive version of the future project is still in the works; we aim to continue and strengthen the excellent work already done by Tukwataniise during the last years. One goal would be to help locals grow their own crops, in this case mainly coffee. By financing the purchase of seedlings and organizing training sessions, the project would allow these people to swiftly generate a respectable income for themselves, their families and of course the people that will work for them and thus have an important and sustainable impact on the local economy. When visiting local farms, we quickly realized the potential of the area. The climate is perfect, the soil is fertile, and the community provides enough workforce.

selbst in Trockenperioden ausreichend Wasser verfügbar ist. Gleichzeit soll die Gemeinschaft für einen verantwortungsvollen Umgang mit Wasserressourcen trainiert werden.

Das Projekt legt großen Wert auf Schulungen und Kompetenzaufbau der lokalen Bevölkerung. Workshops zu Agroökologie, Wassermanagement und Gemeinschaftsorganisation verbessern nicht nur das technische Wissen, sondern stärken auch Vertrauen, Zusammenarbeit und Zusammenhalt. Die partizipative Einbindung der Gemeinschaft ist ein zentrales Element. Familien beteiligen sich aktiv an Planung, Umsetzung und Überwachung des Projekts durch Arbeitsgruppen und Versammlungen. Dieser Ansatz sichert die Nachhaltigkeit der Maßnahmen und fördert eine echte Eigenverantwortung. Diese Aspekte des Projektes sollen durch die Zusammenarbeit der zwei Partnerorganisationen, CPT aus Brasilien und Claritas aus Argentinien erreicht werden.

Dieses Projekt zeigt, dass Nachhaltigkeit nicht nur auf Technologie oder Infrastruktur beruht, sondern auf Partizipation, Solidarität und gemeinsamem Wissen.

Claude Steichen



Claude and Mike learning all about coffee

The main requirements are initial financing and proper training for the farmers. Richard would be the obvious choice to coordinate trainings given his vast agricultural experience. We also visited a local primary school, supported by Tukwataniise and which would be a beneficiary of our future project as well. This is a rather important aspect of the project, since especially in rural Uganda, getting proper education is not a given and it would further strengthen the community.



However, our journey didn't end there. We took a rather fun and bumpy flight through tropical thunderstorms to the capital of Uganda, Kampala, to visit our project at Zia Angelina hospital. Since I wrote about this project in one of our earlier newsletters, I won't enter any details. The project is advancing smoothly. The only downside is that hospitals and NGO's in Uganda face increased pressure and reduced resources due to the USA's erratic and selfish politics in terms of international cooperation (one could also use the word exploitation). But that's a long and complicated story to be told in another newsletter.

Tom Steichen

Ein Recht auf medizinische Versorgung – Hoffnung für Tshumbe

Seit drei Jahren entsteht in Tshumbe, im Herzen der Demokratischen Republik Kongo, in der Provinz Sankuru, eine neue Pädiatrie- und Geburtsstation. Viele Hürden wurden bereits gemeistert, und der Rohbau ist nun fast abgeschlossen. Die Vorfreude auf ein gut ausgestattetes Krankenhaus – das einzige in der gesamten Region – erfüllt die Menschen vor Ort mit Hoffnung und Zuversicht.



Die Demokratische Republik Kongo zählt zu den ärmsten und von Unruhen geprägten Ländern der Welt. Besonders in abgelegenen Regionen wie Tshumbe ist die medizinische Versorgung katastrophal. Immer wieder sterben Kinder und MitarbeiterInnen unserer Partnerorganisation „Un Avenir pour Tshumbe“, die von der österreichischen NGO „Zukunft für Tshumbe“ gegründet und unterstützt wird. Viele dieser Todesfälle, im Grunde die meisten, sind vermeidbar. Jeder einzelne Verlust unterstreicht die Dringlichkeit des Projektes.

Die Lage vor Ort lässt sich an einem Beispiel verdeutlichen: Die Menschen in Tshumbe besitzen kein Auto, oft nicht einmal ein Fahrrad. Der Ausleih von Motorrädern und Motorradtaxis sind jedoch inzwischen verbreitet, doch es gibt keine Fahrprüfungen, keine befestigten Straßen und somit viele Unfälle. Auch der Wächter unserer Partnerorganisation, Papa Shongo, kam bei einem solchen Motorradunfall ums Leben.



Bei einem Unfall in Tshumbe und Umgebung gibt es meist keinen Handyempfang und Rettungsdienste sind inexistent. Hilfe kommt oft nur von zufälligen PassantInnen, die Betroffene per Fahrrad oder Motorrad in die nächste Krankenstation bringen. Diese Einrichtungen sind jedoch schlecht ausgestattet: kein Strom, keine Röntgen- oder Ultraschallgeräte, kaum Medikamente, und das Personal ist unterbesetzt und wenig geschult. Selbst einfache Behandlungen wie eine Naht erfordern einen umständlichen Weg: Erst verschreibt der Arzt Nadel, Faden und Schmerzmittel, dann muss man diese selbst in einer umliegenden Apotheke besorgen und wieder zum Arzt zurückkehren, um schließlich versorgt zu werden.

Bei schweren Verletzungen, wie bei Papa Shongo, ist oft eine Bluttransfusion von Nöten. Da keine Kühlung möglich ist, gibt es keine Blutvorräte. Die Menschen vor Ort verfügen nicht über medizinische Akten, weder auf Papier, geschweige denn digital. Vorsorgeuntersuchungen, auch für Kinder und Schwangere, gibt es nicht. Das heißt, dass die verwundete Person zuerst auf ihre Blutgruppe getestet werden muss, da kaum jemand seine kennt. Dann beginnt die Suche nach passenden BlutspenderInnen. Hierfür werden zunächst verwandte Personen befragt. Trifft niemand zu oder ist niemand vor Ort, dann kann man vor den Krankenstationen Menschen antreffen, die darauf warten eine Blutspende abzugeben.

Durch eine Blutspende können diese nämlich zwischen 5-7 Euro verdienen. Dieser ganze Prozess des Suchens, Testens, Blutabnahme etc. benötigt sehr viel Zeit – Zeit welche oft über Leben und Tod entscheidet. Für Papa Shongo kam jede Hilfe zu spät; er hinterließ seine Frau und seine kleinen Kinder.

Verblutung ist insbesondere bei gebärenden Frauen eine der häufigsten Todesursachen. Die Müttersterblichkeitsrate in der Region beispielsweise liegt bei 427 Todesfällen pro 100.000 Lebendgeburten (WHO, 2023), im Vergleich zu Luxemburg bei 4,5 pro 100.000.

Mit dem Bau unseres Krankenhauses wollen wir diesen vermeidbaren Todesfällen vorbeugen und auch Vorsorgeuntersuchungen, besonders für Schwangere und Kinder ermöglichen. Wir hoffen, das Gebäude bald einweihen zu können und werden uns weiterhin, gemeinsam mit der Organisation „Zukunft für Tshumbe“, für eine gute Ausstattung und die Ausbildung des Personals einsetzen. Bereits 2026, ist eine weitere Fortbildung zwischen unseren beiden Partnerorganisationen „Un Avenir pour Tshumbe“ und „AECOM“ geplant. AMU hat 2016 gemeinsam mit AECOM eine Geburtsstation und Pädiatrie in der Hauptstadt des Kongos, in Kinshasa aufgebaut.

Jil Streber



Contact Action pour un Monde Uni

Siège social/Bureau
11, Kiirchestrooss L-5741 Filsdorf
Les permanences du bureau:
lundi à jeudi toute la journée
Tél: 26 67 12 61 - office@amu.lu
www.amu.lu
@actionpourunmondeuni @ f

Le conseil d'administration

Claude Metz (président), Tom Steichen
(vice-président), Jean-Paul Frank
(trésorier), Brigitte Wciorka (secrétaire),
Christiane Stein, Marianne Harpes

Comment soutenir nos projets ?

Vous pouvez manifester votre générosité
par un don au profit de

Action pour un Monde Uni
BIL LU14 0021 1349 0900 0000
CCP LU83 1111 1287 6344 0000

Tous les dons en faveur de notre accord-
cadre sont cofinancés par le MAEE.

Toute personne effectuant un don en faveur de
l'Action pour un Monde Uni asbl reçoit
trimestriellement par voie postale une quittance
reconnue par l'Administration des Contributions du
Grand-Duché, ce qui permet de bénéficier du droit
d'exonération fiscale.



Iwwert dëse QR-Code kënt dir
all eis aktuell lafend Projeten
entdecke fir déi mir eis iwwert
all Ënnerstëtzung freeën.



Faites un don avec votre
application mobile Payconiq
(1,55% commission HTVA)

Si vous désirez recevoir notre
bulletin par email, merci de nous
faire un email à office@amu.lu

Conformément au règlement RGPD, AMU tient à vous informer
que toutes vos données personnelles sont utilisées strictement
pour des besoins internes et qu'elles sont enregistrées pour une
durée maximale de 5 ans. Si aucune opération auprès de l'AMU
s'effectue durant ces 5 ans, toutes vos données personnelles
seront supprimées. Si vous désirez être retirés de notre base de
données auparavant, merci de nous informer per email
(office@amu.lu).